N° 5944
Reçue le 02.05.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 5944 vum 16. Mäerz 2022 vum Här Deputéierte Marc Goergen.**

1. *Kann de Minister bestätegen oder ausschléissen, dass aktuell geplangt gëtt, fir d'CFL Personal an d'Fonction publique anzeglidderen?*

Den aktuellen Programme gouvernemental geseit dess Integratioun net vir.

2. *Sinn Ännerungen um Spezialstatut vum CFL-Personal geplangt a falls jo, wat wäert sech an noer Zukunft änneren?*

Eng Reform vum Spezialstatut vum CFL Personal ass aktuell net virgesinn, ënner Virbehalt vun zukünftegen Upassungen vum Beamtestatut.

3. *Huet d'Regierung d'Bestriewung, fir den Eisebunnerstatut un dee vum Staatsrespektiv Gemengebeamten unzepassen?*
   *Falls net, wéi eng Virdeeler versprécht sech d'Regierung vun dësem Statut par Rapport zum Statut vun de Staats- respektiv Gemengebeamten?*

Den Eisebunnerstatut ass e Spezialstatut, deen de Richtlinne vum Beamtestatut nokënnt a gläichzäiteg CFL-intern an eisebunnsspezifesch Regelen integréiert.

4. *Wäert de groussherzogleche Reglement an Zukunft duerch ee Gesetz vu Regierungs-Säit ersat ginn?*
   *Falls nee, firwat wëll d'Regierung net op déi Schinn goen?*

Sou wei bei der éischter Fro schons bemierkt, den aktuellen Programme gouvernemental geseit dëst net vir, mee eng nächst Regierung wäert sech mussen dëser Fro sécher unhuelen.

Lëtzebuerg, den 2. Mee 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch